# Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

## News

### 2.12.2020 Nimm op framséisch. FIRWAT??

02 **Dec** *2020*

(comments: 0)

Merci dem Fred Keup, fir säin phantasteschen Asaz fir eis Sprooch an datt hien nach eng weider parlamentaresch Fro iwwert eis Sprooch gestallt huet. D'Thema hei as den Numm vum neie Stadion.

https://scontent.flux1-1.fna.fbcdn.net/v/t1.0-9/124954828_143292107548118_1871189565703359831_o.jpg?_nc_cat=105&ccb=2&_nc_sid=9267fe&_nc_ohc=aQuVqlQ4-ggAX9DUYVg&_nc_ht=scontent.flux1-1.fna&oh=fe876a6c7b04f646b30abf13a801406f&oe=60181F67

Read more … 2.12.2020 Nimm op framséisch. FIRWAT??

### 28.11.2020 "modernen" Wopen zu Nidderanven #MirSchaafenEisOf

28 **Nov** *2020*

(comments: 0)



**Mir gratuléieren der Gemeng Nidderaanwen fir deen ellenste Wopen**

**#MirSchaafenEisOf**

"Das neue Wappen steht symbolhaft für ein modernes Niederanven"

"eine unverwechselbare Identität"

"neues Logo der Gemeinde Niederanven steht für mehr Miteinander, Solidarität und Gemeinschaft"

Read more … 28.11.2020 "modernen" Wopen zu Nidderanven #MirSchaafenEisOf

## 11.11.2010 Den Minister Meisch wëll Direkteren aus dem Privatsekteur, déi mol net eis Sproochen gutt mussen kënnen

11 **Nov** *2020*

(comments: 0)

"Die künftigen Direktoren und beigeordneten Direktoren müssen nicht mehr alle drei Amtssprachen beherrschen und auch nicht mit dem Luxemburger Schulsystem vertraut sein, also über keinerlei pädagogische Ausbildung oder Erfahrung verfügen."

"Sie erfolgt schleichend und häppchenweise: die Privatisierung des öffentlichen Bildungssystems. Und es gibt keine Versuche, Bildungsminister Claude Meisch (DP) zu stoppen."

"Die Leitung von spezialisierten Lyzeen wie der Hotelfachschule, der Ackerbauschule, der Erzieherschule (LTPES) und der Schule für Gesundheitsberufe (LTPS) soll künftig nicht mehr höheren Staatsbeamten vorbehalten sein, sondern auch für Personen aus dem Privatsektor geöffnet werden."

"Pikant an der Sache aber ist, dass die Regelung sich nicht auf die vier angegebenen Schulen beschränkt, sondern auch auf herkömmliche Sekundarschulen ausgedehnt werden kann."

Luxemburger Wort 11.11.2020

Read more … 11.11.2010 Den Minister Meisch wëll Direkteren aus dem Privatsekteur, déi mol net eis

Sproochen gutt mussen kënnen

## 28.10.2020 De Grond firwat d'Wunnengen ëmmer méi deier ginn

28 **Oct** *2020*

(comments: 0)

De Grond firwat d'Wunnengen ëmmer méi deier ginn:

D'Schafen vun ze vill Arbechtsplazen an déi domat verbonnen Massenimmigratioun.

-

Am KLOERTEXT op RTL hunn se et esou erkläert:

FIRWAT SINN WUNNENGEN SOU DEIER?

"D'Erklärung ass einfach: eng vill méi héich Demande wéi Offer.

An de leschten 10 Joer ass d'Populatioun ëm 25% geklomm.

80% dovunner Leit aus dem Ausland déi op Lëtzebuerg schaffen kommen.

Déi vun méi wäit kommen an méi héich Salairen hunn, dreiwen d'Präisser weider an d'Luucht.

An finanzkräfteg Investisseuren.

Eng Immobilie zu Lëtzebuerg: en séchert Investissement. Steierlech interessant, dobäi kommen déi extrem niddreg Zënsen.

Den Däiwelskrees ass bekannt: wann mer eisen Liewensstil net änneren, si mer op Wirtschaftswuesstem ugewisen fir eis héich sozial Standarden ze erhalen.

Dat bedeit d'Schafung vun neien Aarbechtsplazen. Ëmmer méi Leit déi hei hinner wunnen kommen"

Read more … 28.10.2020 De Grond firwat d'Wunnengen ëmmer méi deier ginn

## 14.10.2020 Villmools Merci fir är Ënnerstëtzung

14 **Oct** *2020*

(comments: 0)

Léif Ënnerstëtzer vum Wee2050,

Op dësem 14. Oktober ass de Fred Keup an der Chamber als neien Deputéierte vun der ADR vereedegt ginn.

Dat Walresultat wat dozou geféiert huet hien haaptsächlech 2 Engagementer ze verdanken

1- Den Engagement am Referendum 2015

2- Den Engagement fir eis Sprooch

Dëst sinn awer net eleng seng Engagementer. Et sinn dat d'Engagementer vun eis alleguer, och vun iech léif Wee2050 Ënnerstëtzer, déi beim Referendum gehollef hunn an sech och fir d'Sprooch agesat hunn.

De Fred seet iech Merci:

"Ech wëll dofir haut deene ville Leit Merci soen, aus allen Parteien, déi eis beim Referendum als Nee2015, an duerno de Wee2050, ënnerstëtzt hunn.

Déi eis gehollef hunn op all méiglech Artaweisen: déi mat eis op Manifestatioune gaange sinn, déi Flyer geschriwwen oder verdeelt hunn, déi op Versammlunge komm sinn, déi eis Artikele gedeelt hunn, déi gelikt hunn.

Mir hunn a 5 Joer vill erreecht. Mir hunn de Referendum gewonnen, mir hunn Veräiner, Gemengen, Administratiounen, Firmaen, och a villen konkrete Fäll, dozou motivéiert eis Sprooch méi ze benotzen.

Mir hunn d'Regierung dozou bruecht en Plang fir d'Sprooch opzesetzen, en Kommissär fir d'Sprooch anzesetzen an en Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch ze grënnen.

Mir hunn et och fäerdeg bruecht en Bewosstsinn ze schafen dass mir eis alleguer, an och all Dag, fir eis Sprooch asetze mussen, eis Sprooch déi ëmmer méi aus dem ëffentleche Raum verschwënnt. Wann d'Lëtzebuerger wëllen da kënnen si dat nach verhënneren.

Mir hunn och den onkontrolléierte Wuesstem an d'Diskussioun bruecht, mir hunn domat en Tabu gebrach, well virdrun huet keen dat gliddegt Eisen ugepaakt. Mir mussen eis vum extreme Bevëlkerungswuesstem onofhängeg maachen. Mir brauche keen 1-Millioun-Awunnerstaat.

Léif Frënn, Kolleegen an Ënnerstëtzer, ech soen ech villmools Merci.

Ech verspriechen Iech: Ech wäert menge Wuerzelen och a menger neier Funktioun als Deputéierten trei bleiwen.

An mech weider engagéiere fir eis Wäerter a fir eis Ziler.

Bis geschwënn."

Och wann de Fred elo Deputéierten ass a Vertrieder vu senger Partei, der ADR, wäert hien sech fir eis Ziler asetzen, a mir vum Wee2050 wäerten och weider op Facebook aktiv sinn.

Read more … 14.10.2020 Villmools Merci fir är Ënnerstëtzung